N°3218
Entrée le 05.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3218 vum 20. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ass d'Ministesch iwwert dës laang Waardezäite fir Echographien am CHEM informéiert? Wéi beurteelt d'Ministesch dës Situatioun am Bezuch op d'Qualitéit vun der Versuergung an d'Patientesécherheet?*

Aktuell kann et effektiv zu méi laange Waardezäite komme fir bestëmmten Ultraschall-Prestatiounen. Ze ënnerstraichen ass datt dës Waardezäiten awer keen Afloss op d'Qualitéit vun der Versuergung hunn a sinn och kee Risiko fir d'Patientesécherheet.

Dréngend Ënnersichunge ginn nämlech weiderhin direkt duerchgefouert, entweder duerch eng direkt Ofstëmmung tëscht dem Radiolog an dem Medezinner deen d'Ordonnance ausgestallt huet oder duerch eng direkt Weiderleedung an de Service d'Urgence.

*2. Wéi eng Grënn féieren zu dëse laange Waardezäite? Ass dëst e strukturelle Problem (z.B. Mangel u Personal oder Equipement) oder handelt et sech heibäi ëm eng temporär Situatioun?*

Déi aktuell Schwieregkeete betreffen haaptsächlech d'Ultraschall-Ënnersichunge vum Beweegungsapparat (ostéo-articulaires). Dës Belaaschtung ass haaptsächlech duerch eng rezent Reduktioun vun der Offer an dësem Beräich zustane komm, bedéngt duerch d'Onverfügbaarkeet vun engem Deel vun de spezialiséierte medezinesche Ressourcen. Dës huet eng Aktivitéits-Verlagerung op de CHEM mat sech bruecht, déi een direkten Afloss op d'Aarbechtsbelaaschtung an doduerch och op d'Waardezäiten huet.

Ausserdeem hat déi rezent Ouverture vum Centre Médical du Sport (CMDS) um Site vun Nidderkuer och en direkten Impakt op d'Organisatioun. Fir Patienten, déi eng Consultatioun an der Sportsmedezinn hunn, sinn elo speziell Zäitfënster reservéiert, sou datt hir Ultraschall-Ënnersichunge vum Beweegungsapparat um selwechten Dag wéi d'Consultatioun duerchgefouert kënne ginn. Och wann dës Orientéierung de Parcours vun dëse Patiente verbessert, reduzéiert si temporär d'Disponibilitéit fir aner Ufroen a verlaangt eng Adaptatiouns- an Optimisatiounsphas.

Verschidde Moossname goufe schonn ëmgesat fir d'Situatioun ze verbesseren. Déi bevirstoend Ouverture vun engem zweete Raum, deen exklusiv dir Ultraschall-Ënnersichungen um Site zu Nidderkuer geduecht ass, soll d'Examenskapazitéit steigeren. Parallel dozou ginn e puer spezialiséiert Ultraschall-Ënnersichungen (besonnesch Mammographie- oder Thyroidea-Ultraschall um Site vun Esch) wärend spezifesche Consultatioune gemaach, wat zu enger besserer Organisatioun an enger méi grousser Gesamteffizienz vum Service bäidréit.

Zesummegefaasst erschéngt déi aktuell Situatioun virun allem als konjunkturell, verursaacht duerch eng Kombinatioun vu Ressource-Restriktiounen a rezenten organisatoreschen Adaptatiounen. Déi schonn

ëmgesate Moossname sollen eng progressiv Stabiliséierung vun der Offer an eng graduell Reduktioun vun de Waardezäite méiglech maachen.

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez